# Ee Kapp aus der Gemeng

## D'Musek, ee Ruff, deem een nogeet

**Am Gespréich erzielt de Sänger George Philippart vu senger Konscht, sengem Liewenswee a wéi hien et op Bieles verschloen huet.**

**Wann een dir begéint, wierks du direkt wéi ee ganz kënschtleresche Mënsch. Wei bass du zum Sange komm?**

Musek ass iwwerall. Hir net ze begéinen ass onméiglech. Ech hu fréi festgestallt, dass ech mech duerch si beweegt fillen. An dass ech mech besser ausgedréckt kréien, wann ech sangen. Duerfir ass de Gesang eng wichteg Form vu Kommunikatioun fir mech.

Ech erënnere mech, dass ech als Kand – ech misst sou ëm déi aacht Joer al gewiescht sinn – der Musek nogekuckt hunn, wéi se duerch d'Stroosse gaange sinn, an ech war ganz faszinéiert vun den Trommelen, dem Klang, dem Rhythmus. Et huet sech ugefillt wéi e Ruff, deem ech nogaange sinn. Ech hunn Trommecoursë geholl, duerno hunn ech e Keyboard um Schaf vu mengen Adoptivelteren entdeckt.



**Mee et ass net bei deem privaten Interessi bliwwen, oder?**

Nee, ech hu Keyboardcoursen an der Musksschoul *Cavem* geholl. Duerno huet meng Ausbildung am Escher Conservatoire ugefaangen: Solfège, Piano-Cours, Kanner- a Jugendchouer, Formation vocale, schlisslech de klassesche Gesang.

**Dunn hues du bei der Sendung *The Voice of Germany* (Sat1/Pro7) zweemol matgemaach, dat war 2015 an 2020. Wéi huet sech deng Karriär duerch déi Optrëtter verännert?**

Zweemol? Jo an Nee. Fir mech selwer war ech just eemol op der Bün vun *The Voice of Germany*. No der Transitioun – a mengem Fall vun der Fra zum Mann – kënnt een op ee Punkt, wou ee sech seet, dass een endlech ukomm ass. Dass een och no baussen esou wierkt, wéi ee sech fillt. An da kënnt een zwangsleefeg op de Punkt, wou een net wëll als „Transgender", mee als de Mann gesi ginn, deen een ass.

D'Participatioun un der Castingshow am Joer 2020 war och vu Belaang, fir d'Sabrina „hannert mir ze loossen" an als George op der Bün ze stoen. Et ass mir wichteg, dass ech soe kann, dass ech bei *Voice* dobäi war, ouni mussen op aalt Material zeréckzegräifen a Videoen a Fotoe vu fréier ze weisen.

Mee fir Mëssverständnesser keng Chance ze ginn: Dat heescht net, dass ech mech géint meng Vergaangenheet zoumaachen! An dach weess een, dass Vergaangenheet numol d'Vergaangenheet ass. An et muss ee weidergoen – an dat maachen ech!

Mee zeréck zur Fro, zur Musek: Meng zwee Optrëtter hu mir erlaabt eng Fan-Community opzebauen. Ech hat d'Chance, wonnerbar Leit kennenzeléieren, déi mech ënnerstëtzt hunn a mech nach ëmmer ënnerstëtzen. Esou konnt ech meng Passioun zum Beruff maachen. Als Independant maachen ech Musek a Live-Optrëtter, ech suerge fir reegelméisseg Releasen, a leede soziokulturell Projete wéi ‚Fantautistique', woufir ech vun der Asbl *Voice, Art and Social* engagéiert gouf.

**Du hues deng Transitioun schonns ugeschwat. 2015 bass du als Fra, als Sabrina op d'Bün gaangen, 2020 dunn als Mann, als George. Du hues als Transgender-Persoun entscheet, ee Mann wëllen ze ginn. An deene Joren huet sech net just deng Stemm geännert. Déi Zäit huet dech sécherlech vill Kraaft kascht, mee dir och vill Kraaft ginn.**

Ech muss direkt soen, dass ech mech ni als Fra gesinn hunn, dass de Kierper, esou wéi e sech an der Pubertéit entwéckelt huet, net zu deem gepasst huet, wéi ech mech gefillt hunn. Ech géif also soen: Jo, ech stoung als Sabrina op der Bün, physesch als Fra, mee gefillt awer net. Dohier géif ech och net soen, dass ech als Transgender-Persoun entscheet hunn, ee Mann wëllen ze sinn/ginn. Ech mengen, dass dat ee Gefill ass, wat ee schonns ëmmer a sech dréit, dass d'Geschlecht net zum Äussere passt.

Ma eemol koum fir mech de Moment, wou ech esou onglécklech war, dass ech eppes hu missen änneren. Soss hätt ech a kenger Form méi existéiert. Ganz nom Motto: „Und der Eine muss von der Hand des Anderen sterben, denn keiner kann leben, während der Andere überlebt." (Sybill Trelawney an: *Harry Potter und der Orden des Phönix*)

Ech muss gestoen, dass an där Zäit meng gréissten Angscht net d'Reaktioun oder d'Ofleenung vun de Leit war. Ech wosst net, wéi et duerno ëm meng Stëmm géif stoen. Dat huet mech fäerte gedoen. Kann ech duerno nach sangen? Wäert mäin Timber schéi klëngen? Well duerch d'Einnam vun Hormoner ännert sech d'Stëmm, d'Behoerung an d'Fettverdeelung um Kierper. Kloer ass, dass d'Verännerung(en) net esou séier kommen, wéi ee sech dat erhofft. Et muss ee Gedold hunn. Schlussendlech kann ech awer soen, dass ech ukomm sinn. Dass ech zu mengem ECH fonnt hunn.

**Wat schaffs du grad? Ginn nei Lidder geschriwwen, opgeholl, released?**

Am Optrag vun der ASBL *Voice, Art and Social* hunn ech de Projet *Deel vun eis* geleet. Entstanen ass eng Hymn un d'Musek, vu mir getext, vum Claude Zeimes (*musicz*) komponéiert a gesonge vun diverse lokale Sänger; dorënner sinn och ech. De Release war den 20. Abréll 2022, mee mir wäerten nach e Videoclip dréinen an dann e grousse Release-Event am Hierscht organiséieren. D'Lidd kann ee sech schonns op de Streamingdéngschter zu Ouere féieren.

**Beschäftegt dech déi eegen Identitéit dann och am musikalesche Beräich? Verschaffs du dat kënschtleresch?**

Grad schaffen ech un der Single *Lettre sans adresse*. Ee Bréif u mäi biologeschen Op-d'Welt-Setzer, deen ech ni kennegeléiert hunn. An trotzdeem oder grad dowéinst hunn ech d'Bedürfnis, him eppes matzedeelen. Et ass also eng ganz perséinlech an emotional Single. Donieft ass een neien Album

an der Maach mat flotte Reprise vum Céline Dion, Michel Sardou, Joe Dassin, Lenorman an anere Kënschtler. Dat wäert am Hierscht 2022 veröffentlecht ginn, awer net op CD, mee op USB.

Da sinn ech natierlech och live ze gesinn, dat ass vun der Stroossemusek iwwert Hochzäite bis hin zu méi grousse Concerte wéi den 19. Juni am *Biodiversum* zu Réimech, wou ech zesumme mat anere Kënschtler fir ONG *Ploar Bears International* sangen. Déi ganz Lëscht vun de Concerte fënns du iwwregens op georgephillipart.com.

**Virun e puer Joer bass du an d'Gemeng Suessen, op Bieles, geplënnert. Suessem, je t'aime, dat ass de Motto vun der Gemeng. A wat hues du dech dann hei verléift?**

Ech sinn eigentlech vun Esch. Un d'Gemeng Suessem hunn ech mech lues erugepircht, ech hu fir d'éischt um Belval gewunnt a sinn duerno op Bieles geplënnert. Vu Bieles aus ass een iwerall séier – an et huet een alles, wat ee brauch: Akafen, gutt Restauranten, ee Patt beim Mimmchen ... A wat mir wichteg ass: vill Natur. Wann ee mech dobausse gesäit, da seelen ouni mäin Mupp, den Cello. Mat him ginn ech vill spadséieren: op de Gaalgebierg, zu Suessem beim Schlass oder duerch d'Kaatzerecht. Awer och kulturell huet d'Gemeng Suessem eppes ze bidden! Den *Artikuss* huet een immens flotte Programm. En plus hat ech d'Chance, immens fei Leit hei kennen ze léieren.



# Une tête de la commune

## La musique, un appel qu'on suit

**Conversation avec le chanteur George Philippart qui raconte sa relation à l'art, son cheminement personnel et comment il a atterri à Belvaux.**

**Quand on te rencontre, tu donnes tout de suite l'impression d'un homme impliqué dans l'art. Comment as-tu eu la vocation du chant ?**

La musique est partout. Ne pas être confronté à elle à un moment donné est impossible. J'ai constaté librement qu'elle me touche. Et que j'arrive mieux à m'exprimer quand je chante. C'est pour cela que le chant est une forme de communication importante pour moi.

Je me souviens, quand j'étais enfant – je devais avoir à peu près huit ans – j'ai observé les musiciens qui parcouraient les rues, et j'étais totalement fasciné par ces tambours, ce son, ce rythme. Je l'ai ressenti comme un appel que j'ai suivi. J'ai pris des cours de percussion, plus tard j'ai découvert un clavier dans l'armoire de mes parents adoptifs.

**Mais ce n'est pas juste resté une activité privée, non ?**

Non, j'ai pris des cours de clavier à l'école de musique Cavem. Après, j'ai commencé une formation au conservatoire de Esch : solfège, cours de piano, chœur d'enfants et de jeunesse, formation vocale et finalement chant classique.

**Ensuite tu as participé à l'émission *The Voice of Germany* (Sat1/Pro7) à deux reprises, en 2015 et en 2020. Dans quelle mesure ces entrées en scène ont transformé ta carrière?**

Deux fois ? Oui et non. En ce qui me concerne, je n'étais qu'une seule fois sur la scène de *The Voice of Germany*. Après la transition – dans mon cas de femme à homme – on arrive à un point où on se dit qu'on est enfin arrivé. Et alors on aboutit forcément au point où l'on ne veut plus être vu comme « transgenre », mais comme l'homme que l'on est.

La participation au casting du show de 2020 avait aussi son importance pour « laisser derrière moi » Sabrina et d'être sur scène en tant que George. Il m'importe de pouvoir dire que j'étais à *The Voice* sans devoir ressortir du vieux matériel et de montrer des vidéos ou des photos d'autrefois.

Pour ne pas laisser de chance aux malentendus : cela ne veut pas dire que je me ferme à mon passé ! Et pourtant on sait que le passé c'est le passé. Or, il faut que ça continue – et c'est ce que je fais !

Mais retournons à la question, la musique : mes deux passages sur scène m'ont permis de construire une communauté de fans. J'ai eu la chance de rencontrer des gens merveilleux qui m'ont soutenu et qui me soutiennent toujours. C'est comme ça que ma passion a pu devenir mon métier. En tant qu'indépendant, je fais de la musique, j'ai des concerts, je m'occupe de sorties régulières et je mène des projets socioculturels, comme ‚Fantautistique' pour lequel j'ai été engagé par l'asbl *Voice, Art and Social*.



**Tu as déjà évoqué ta transition, en 2015 tu es monté sur scène étant femme, Sabrina, ensuite en 2020 étant homme, George. En tant que personne transgenre tu as décidé de devenir un homme. Lors de ces années, il n'y a pas juste ta voix qui a changé. Cette période était certainement éprouvante pour toi, mais elle t'a également procuré beaucoup de force.**

Je dois dire de prime abord que je ne me suis jamais ressenti femme, que le corps, et la manière dont il s'est développé pendant la puberté, n'a pas été en adéquation avec comment je me sentais en tant que personne.

Je dirais donc : oui, j'étais sur scène en tant que Sabrina, physiquement en tant que femme, mais ne me sentais pas comme telle. Donc je ne dirais pas non plus que, en tant que personne transgenre, j'ai décidé d'être/devenir un homme. Je suis de l'avis que c'est un sentiment que l'on porte depuis toujours en soi, que le sexe ne correspond pas à l'image extérieure.

Mais un certain moment est venu, où j'étais tellement malheureux que j'ai dû changer quelque chose. Sinon je n'aurais plus pu exister sous aucune forme. Fidèle au slogan : « Et l'un doit mourir par la main de l'autre, car aucun ne peut vivre si l'autre survit. » *(Sybill Trelawney dans : Harry Potter et l'Ordre du Phénix)*

Je dois avouer que pendant ce temps ma plus grande angoisse n'était pas la réaction ou la désapprobation des gens. Je ne savais pas dans quel état serait ma voix après. Ça m'a fait peur. Est-ce qu'après, jé serais encore capable de chanter ? Est ce que mon timbre aura encore une belle sonorité ? Parce que, par l'absorption d'hormones, la voix, la pilosité et la répartition de la graisse du corps changent. Il est clair que les changements n'arrivent pas aussi vite que l'on le désire. Il faut être patient. En fin de compte, je dois quand même dire que je suis arrivé. Que j'ai trouvé mon MOI.

**À quoi travailles-tu en ce moment ? Est-ce que de nouvelles chansons sont en cours d'écriture, sont enregistrées, est-ce que des sorties sont prévues ?**

Dans le cadre de l'asbl *Voice, Art and Social* j'ai mené le projet *Deel vun eis*. L'aboutissement est un hymne à la musique, les paroles sont de moi, la composition de Claude Zeimes (musicz), et c'est chanté par divers chanteurs locaux, dont moi. La sortie était le 22 avril 2022, nous allons encore tourner un clip vidéo et ensuite organiser un grand événement de sortie en automne. On peut déjà y jeter une oreille par le biais de services de streaming.

**Est-ce que ton identité te préoccupe aussi dans le domaine musical ? Est-ce que tu la travailles artistiquement ?**

En ce moment je travaille sur le 45 tours *Lettre sans adresse*. Une lettre à la personne qui m'a biologiquement mis au monde, que je n'ai jamais connue. Mais, néanmoins, ou justement à cause de cela, j'ai le besoin de lui transmettre quelque chose. C'est donc un 45 tours assez personnel et émotionnel. Et, en parallèle, est en cours d'élaboration un album de chouettes reprises de Céline Dion, Michel Sardou, Joe Dassin, Lenorman et d'autres artistes. Ça sortira en automne 2022, mais pas sur CD, sur USB.

Et puis il y a bien entendu la possibilité de me voir en concert, c'est une gamme qui va de la musique de rue aux mariages, jusqu'à de plus grands concerts comme le 19 juin au *Biodiversum* à Remich, où je chante, ensemble avec d'autres artistes, pour l'ONG *Polar Bears International*. D'ailleurs, on peut trouver toute la liste de concerts sur georgephilippart.com.

**Il y a quelques années, tu as déménagé dans la Commune de Sanem, à Belvaux. Sanem, je t'aime, c'est le slogan de la commune. Toi, tu es tombé amoureux de quoi ici ?**

À la base je suis de Esch. Je me suis lentement approché en éclaireur de la Commune de Sanem, j'ai d'abord habité à Belval et ensuite j'ai déménagé à Belvaux. À partir de Belvaux on est rapidement partout – et il y a tout dont on a besoin ici : faire les courses, de bons restaurants, boire un coup chez Mimmchen... Et, ce qui m'importe : la nature. Quand on me voit à l'extérieur, c'est rarement sans mon chien Cello. Je me promène beaucoup avec lui, au Mont des Potences, à Sanem près du château, dans le Kaatzerecht. Mais il y a aussi une considérable offre culturelle à Sanem ! Le programme de l'*Artikuss* est très chouette. En plus, j'ai eu la chance de rencontrer des gens très, très bien ici.

## Futurs concerts

**June 19** @ 6:00 pm - 10:00 pm
Polar Bear Project
Biodiversum
5 Breicherwee, Schengen

**June 30** @ 3:00 pm - 5:00 pm
George & Friends (privé)
CIPA Gréngewald
8 Routscheed, Niederanven

**July 7** @ 6:00 pm - 7:00 pm
Soirée luxembourgoise
Konviktsgaart
11 avenue Marie-Thérèse, Luxembourg

**July 9** @ 2:30 pm
Dëppefest
Centre culturel Metzerlach
Belvaux

**July 9** @ 3:00 pm - 5:00 pm
Luxembourg Pride 2022
Place de l'Hôtel de Ville
Esch-sur-Alzette

**July 16** @ 8:00 am - 5:00 pm
byTun / rue d'Alzette (open-air)
109 rue de l'Alzette
Esch-sur-Alzette

**July 23** @ 3:00 pm - 5:00 pm
Boutique Marianne
44 Avenue Grande-Duchesse Charlotte
Dudelange

**August 13** @ 3:00 pm - 5:00 pm
byTun rue d'Alzette
109 rue de l'Alzette, Esch-sur-Alzette